N° 7562
Entrée le 07.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

De Moment besteet am Beräich vum Gesondheetswiesen ee Personalmangel. Dowéinst ass de Rekrutement vu qualifizéiertem Personal wichteg, och bei den Infirmieren an den Infirmièren. Zënter der Covid 19-Pandemie ass och de Sujet vun der mentaler Gesondheet ëmmer méi wichteg ginn, grad well no der Pandemie méi Leit wéi virdru mat mentale Problemer ze kämpfen hunn.

Fir sech als Infirmier oder Infirmière psychiatrique ze spezialiséiere, muss eng interesséierte Persoun no hirer Ausbildung als Infirmier oder Infirmière en soins généraux weider Studie maachen. Fir eng Spezialisatioun als Infirmier oder Infirmière psychiatrique muss een, wann een dat hei am Land wëll maachen, ee *BTS Spécialisé Infirmier psychiatrique* maachen (120 ECTS, also 2 Joer Vollzäitstudium).

An der Belsch gëtt dogéint eng reng theoretesch Formatioun (*Qualification en Santé mentale et psychiatrie*) vun 150 Stonnen op der Haute École de Namur-Liège-Luxembourg ugebueden, woubäi d'Persoun no dëser Formatiou keng Autorisation d'exercer kritt.

Hei am Land gëtt den Diplom aus der Belsch, mengen Informatiounen no, aktuell awer vollwäerteg vum Héichschoulministère unerkannt, deen der Persoun eng Equivalenz ausgestellt, wouropshin dës Persoun vum Gesondheetsministère eng Autorisation d'exercer fir Lëtzebuerg kritt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat erkennt den Héichschoulministère dës vergläichsweis kuerz theoretesch Formatioun als vollwäerteg Ausbildung un, wärend een hei am Land e ganze BTS fir déi selwecht Unerkennung absolvéiere muss?

2. Wéi kann et sinn, dass déi Formatioun vun 150 Stonnen Theorie hei am Land enger Persoun eng Equivalenz an domat och eng Autorisation d'exercer erméiglecht, obwuel dëst an der Belsch, ëmmerhin dem Ausbildungsland dat dës Formatioun ubitt, net de Fall ass?

3. Ass hei an Zukunft eng Upassung geplangt, fir dësen dach groussen Ënnerscheeder an der Ausbildung Rechnung ze droen?

4. Wéi wëllen d'Ministèren eng gutt Qualitéit vun der Prise en charge bei enger Formatioun

garantéieren, déi just 150 Stonnen ëmfaasst, wärend déi aner e Vollzäitstudium vun 2 Joer ëmfaasst?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten